02/2020

debulletin

Editorial vum Patrick Remakel
Covid-19 : D'Schoul am Ausnamezoustand

Homeschooling am Joer 2020
Larry Bonifas

Enseignante sinn an Zäite vu Covid-19
Isabelle Loewenstein

Digitale Medien und Unterricht. Eine Kontroverse.
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

snc syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

Bewegtes Lernen

Flexible Möbel bewegen auch den Kopf

ROOM Luxembourg S.à r.l.
11, Um Lënsterbierg
L-6125 Junglinster

Tel.: 288 00 11
info@room-luxembourg.lu
www.room-luxembourg.lu

Schulmöbel
Bibliotheken
Kindergartenmöbel

Konferenzräume
Büromöbel
Empfangstheken

Raumplanung
Beratung vor Ort
Individuelle Möbel

Sommaire

debulletin
2/2020

02 Editorial vum Patrick Remakel
Covid-19 : D'Schoul am Ausnamezoustand
Ouni d'Enseignantë geet et net !

06 Merci!
Walen 2020 fir d'Chambre des fonctionnaires et employés publics

08 Homeschooling am Joer 2020
Larry Bonifas

12 Enseignante sinn an Zäite vu Covid-19
Isabelle Loewenstein

32 Op Visitt an enger PASS-KLASS !
Carole Berend

36 Digitale Medien und Unterricht.
Eine Kontroverse
Buchtipp vum Vanessa Schetgen

Éditorial

Covid-19: D'Schoul am Ausnamezoustand

Ouni d'Enseignantë geet et net !



Zënter dem 16. Mäerz sinn d'Schoulen zou an d'Schüler goufen « iwwer Distanz » doheem vun hiren Enseignantë begleet an ënnerriicht. Et war och leider keen Abrëllsgeck, wéi den Här Minister Meisch den 1. Abrëll annoncéiert huet, dass d'Schoulen nach bis den 3. Mee géifen zou bleiwen.

Zoue Schoulen, also keng dagdeeglech massiv Rassemblementer vu Leit, solle jo niewent all den anere Mesuren, déi géint d'Pandemie geholl goufen, derzou bäidroen, d'Ausbreedung vum Virus anzedämmen.

Ob mir dann ab dem 25. Mee erëm an d'Schoul kënne goen, esou wéi den Här Minister dat de 16. Abrëll op senger Pressekonferenz ugekënnegt huet, ass awer net onbedéngt sécher. Déi weider Entwécklung vun der Pandemie wäert ons Opschloss doriwwer ginn.

Natierlech huet d'Regierung, zesumme mat hire Beroder, intern Zenarien duerchdenken an duerchplange musse fir esou eng Exit-Strategie, an domadder verbonnen eng Lockerung vun de Beschränkungen, ze definéieren. Mir zielen drop, dass d'Regierung déi richteg Decisioune geholl huet, besonnesch och wat de « Retour en classe » notamment ënnert dem sanitären Aspekt ubelaangt.

Mir kënne just do virdru warnen, aus wirtschaftlechen Iwwerleeungen eraus, alles ze séier nees opmaachen ze wëllen, an dobäi grouss gesondheetlech Risiken anzegoen. Nëmmen dat, wat vun de Gesondheetsexperten als verantwortbar ugesi gëtt, däerf och gemaach ginn.
Fir den sne/cgfp ass awer kloer, dass d'Gesondheet vun all de Schüler an all den Enseignanten absolut Prioritéit muss hunn. Do däerfen et keng Kompromësser ginn!

Den sne/cgfp traut sech et allerdéngs net zou, Recommandatiounen zu dëser Exit-Strategie ze maachen, well mir Enseignanten nämlech keng Epidemiologen oder Virologen, also keng Spezialiste sinn, déi iwwert d'Ausbreedung vun Infektiounskrankheete Bescheed wëssen.
D'Schoulen, esou wéi annoncéiert, nees schrëttweis opzemaachen ass sécherlech eng Méiglechkeet. Déi proposéiert Mesurë ginn an déi richteg Richtung. Et bleiwen allerdéngs nach vill Froen op, wéi dat konkret geschéie soll. Déi wichtegst dobäi ass: Wéi kënne mir d'Schüler an d'Enseignantë schützen an hir Gesondheet net onnéideg op d'Spill setzen?
Den sne/cgfp huet dem Educatiounsminister e Froekatalog mat pertinente Froen zur Reouverture zoukomme gelooss a waart gespaant op d'Äntwerten an de Feedback zu deem Pabeier.

Fir den sne/cgfp ginn et awer op alle Fall eng Rei Tabuen, déi berécksiichtegt musse ginn:

- D'Aarbechtszäit muss nach ëmmer a « Schoulstonnen » an net a « Stonne » berechent ginn an et däerf net zu enger net remuneréierter Aarbechtszäitverlängerung kommen.
- Keen däerf gezwongen, respektiv ënner Drock gesat ginn, fir Iwwerstonnen ze leeschten.
- Keen Enseignant däerf derzou gezwonge ginn, mëttes an der « Structure d'accueil » ze schaffen. Mir brauchen all Enseignant moies an der Léier- oder Übungswoch.
- Enseignanten oder Kanner, déi am Confinement mat vulnerabele Persoune sinn, mussen doheem bleiwe kënnen.
- D'Coursen däerfen net gefilmt ginn, ausser mam Accord vun alle Bedeelegten, Eltere vun de Kanner an Enseignanten.
- Den C1 muss zoubleiwen, well et an eisen Aen onméiglech ass, do déi sanitär Recommandatiounen anzehalen. Dës Weideren ass et ondenkbar bei dëse klenge Kanner de « social distancing » ze garantéieren.

Fir den sne/cgfp ass awer kloer, dass d'Gesondheet vun all de Schüler an all den Enseignanten absolut Prioritéit muss hunn. Do däerfen et keng Kompromësser ginn!

- A- a B-Wochen erginn nëmme Sënn, wann et néirens, also och net an der Maison relais, zu Rassemblementer a Vermëschunge vu Gruppe kënnt.

Déi Responsabel sinn elo gefuerdert, Risikogruppe bei Kanner an Enseignanten auszemaachen an déi och besonnesch ze schützen. Vulnerabel Persounen, respektiv Persounen, déi am Confinement mat enger vulnerabeler Persoun liewen, mussen d'Méiglechkeet kréie fir doheem bleiwen ze kënnen! Dobäi ass et egal, ob dëst Kanner oder Enseignantë sinn.
D'Schoule sinn am Moment nach physesch zou, mee en Unterrecht gouf et, a gëtt et, awer trotzdeem.

Den C1 muss zoubleiwen, well et an eisen Aen onméiglech ass, do déi sanitär Recommandatiounen anzehalen. Dës Weideren ass et ondenkbar bei dëse klenge Kanner de « social distancing » ze garantéieren.

Hei d'Aschätzunge vum sne/cgfp zur aktueller Situatioun vum « Enseignement à distance »:

- D'Enseignanten hu bewisen, dass si ganz kreativ a flexibel sinn. Si hunn en enormt Engagement gewisen an eng beandrockend Aarbecht geleescht, och wann et net ëmmer einfach war an ass. Mir goufe ganz onvirbereet an d'kaalt Waasser geworf an hu misse vun doheem aus Schoul halen. D'Enseignanten hu versicht, hir Schüler beschtméiglechst « à distance » z'ënnerstëtzen an dat ass hinnen och ganz gutt gelongen.
- Den « Enseignement à distance » verstäerkt déi sozial Ënnerscheeder. Net an all Stot kann de Kanner op déi selwecht Aart a Weis gehollef ginn an d'Schoul kann aktuell esou Ongläichheeten net oder nëmme beschränkt opfänken.
- D'Digitaliséierung ass nach net do, wou se misst sinn. Esouwuel d'Enseignanten ewéi och d'Kanner verfügen doheem net all iwwert dat néidegt informatescht Material, dat si bräichten, fir digitalen Unterrecht zu honnert Prozent realiséieren ze kënnen.
- Vill Enseignantë wäerten op jiddwer Fall « informatesch gestäerkt » aus dëser Kris erauskommen. Jiddwereen huet sech an dëser Situatioun informatesch mussen « updaten ».
- Positiv ass och de Fakt dass duerch d'Kris déi gemeinsam Bildungsverantwortung vun den Enseignanten an den Eltere vis-à-vis vun hire Kanner an deene meeschte Fäll gestäerkt ginn ass.
- D'Haapterkenntnis ass awer, dass den Enseignant an der Klass déi wichtegst Roll huet, an net - an och weiderhin duerch näischt - ze ersetzen ass. Optimalen Unterrecht brauch d'Interaktioun tëschent dem Enseignant an de Kanner. Déi aussergewéinlech Wichtegkeet vum Klasseverband a vun der « Lehrer-Schüler-Bezéiung » ass op en Neits ënner Beweis gestallt ginn. Spéitstens zënter der Hattie-Etude « Visible Learning » dierft dat awer jidderengem bekannt sinn.

Hei dann awer och e puer Iwwerleeungen zum Schouljoer 2020-2021:

En zousätzlechen, aussergewéinleche Contingent - e sougenannte Contingent « COVID-19 » - géif sécher hëllefen, fir déi Zäit wou am Schouljoer 2019/2020 keng « richteg » Schoul war, am Schouljoer 2020/2021 opzeschaffen an eng méi individuell Betreiung a Förderung kënnen ze garantéieren.
D'Schoule misste fir déi nächst Rentrée iwwer méi Ressourcë verfüge kënnen. Dofir fuerdert den sne/cgfp de Minister op, ee positiivt Zeechen ze setzen an de Contingent no uewen ze adaptéieren.
Berouegt si mir iwwert dem Minister seng Ausso, dass hien net envisagéiert, d'Summervakanz ze verkierzen. Et ass nämlech e Fakt, dass d'Enseignantë schonn an normalen Zäiten um Limitt schaffen a si an dëser Situatioun nach méi gefuerdert sinn. Ausserdeem brauchen d'Elteren an d'Kanner och grad dës grouss Vakanz vläicht méi wéi jee virdrun, fir sech vun der Belaaschtung vum « Enseignement à distance » an de schwéiere Liewensëmstänn, déi d'Covid19-Kris mat sech bruecht huet, ze erhuelen.
Da wëll ech awer och all den Enseignanten, déi bei der « Léierkëscht fir doheem » matgemaach hunn an eis Videoen, Bastelaufgaben, Sitten, « Challengen » an aner flott Léieriddie geschéckt hunn, e grousse Merci soen. Merci hinnen alleguerten!
Merci awer och fir Äert Vertrauen an Är Ënnerstëtzung bei de Wale fir d' « Chambre des fonctionnaires et employés publics », wou den sne/cgfp mat 66,28 Prozent vun de Stëmme bestätegt gouf. Leider hu mir awer eisen zweete Sëtz ëm 0,39 Prozent verluer, mee dëst ännert awer näischt un eisem Engagement am Interêt vun den Enseignanten an der Schoul.

An eppes ass fir mech kloer, mir Enseignantë komme ganz sécher gestäerkt aus dëser Kris eraus!

Bleift gesond!

Patrick Remakel
President vum sne/cgfp

Patrick Remakel,
President sne/cgfp

Merci!

Élections sociales mars 2020

E grousse Merci fir Äert Vertrauen an Ären Optrag!

Glesener Gilles

Kasel Jean

Remakel Patrick

Schetgen Vanessa

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Résultats des élections pour le renouvellement de la Chambre des fonctionnaires et employés publics

Communiqué du 17 avril 2020

Les élections de la Chambre des fonctionnaires et employés publics (CHFEP) ont eu lieu courant du mois de mars 2020. Tous les 5 ans, les ressortissants de la CHFEP sont appelés à élire les 27 représentants et leurs suppléants. Pour rappel, le vote s'effectue par correspondance à l'aide d'un bulletin anonyme.
Chaque électeur élit ses représentants dans la catégorie professionnelle dont il relève et sur base des listes présentées par les différentes organisations syndicales.
Les membres des catégories B, C et F ont été proclamés élus étant donné que pour chacune de ces catégories une seule liste de candidats a été présentée.
Catégorie D qui comprend les différentes catégories d'instituteurs et les fonctionnaires de la carrière moyenne de l'Enseignement

Sont élus sur la liste 3 - SEW / OGBL :
- Membre effectif : ARENDT Patrick
- Membre suppléant : WATGEN Nora

Sont élus sur la liste 5 - SNE / CGFP :
- Membre effectif : REMAKEL Patrick
- Membre suppléant : GLESENER Gilles

Voici le détail des résultats :

Catégorie D : Instituteurs et fonctionnaires de la carrière moyenne de l'Enseignement

Nombre d'électeurs :	7.496
Nombre d'enveloppes rentrées dans le délai légal :	4.228
Nombre de votants :	4.215
Bulletins non valables :	232 dont 173 nuls et 59 blancs
Bulletins valables :	3.983

Liste 3 - SEW / OGBL - Suffrages

	par liste	nominatifs	totaux
1. ARENDT Patrick	981	752	1.733
2. CALDARELLA-WEIS Marvin	981	195	1.176
3. SCHONS Olivier	981	149	1.130
4. WATGEN Nora	981	254	1.235
TOTAL	**3.924**	**1.350**	**5.274**

Liste 5 - SNE / CGFP - Suffrages

	par liste	nominatifs	totaux
1. REMAKEL Patrick	2.155	778	2.933
2. GLESENER Gilles	2.155	425	2.580
3. KASEL Jean	2.155	193	2.348
4. SCHETGEN Vanessa	2.155	349	2.504
TOTAL	10.365	1.745	10.365

Répartition des sièges

Catégorie D

Listes	Suffrages	%
Liste 3	5.274	33,723 %
Liste 5	10.365	66,277 %
TOTAL :	**15.639**	

Nombre électoral :	15.639 : (2+1=3) =	5.213
Nombre de sièges attribués à la liste 3 :	1	
Nombre de sièges attribués à la liste 5 :	1	
TOTAL DES SIÈGES :	**2**	

Sont donc élus :

Sur la liste 3 : SEW / OGBL

Membre effectif :
ARENDT Patrick

Membre suppléant :
WATGEN Nora

Sur la liste 5 : SNE / CGFP

Membre effectif :
REMAKEL Patrick

Membre suppléant :
GLESENER Gilles

Homeschooling am Joer 2020

Auteur: Larry Bonifas

„There is no school equal to a decent home and no teacher equal to a virtuous parent“

Dës Wierder vum Mahatma Gandhi weisen, dass sech scho viru ville Jore Gedanken iwwert d'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an de Familljen an der Educatioun vun de Kanner gemaach gi sinn. De Gandhi wousst deemools scho Bescheed iwwert d'Wichtegkeet vum Elterenhaus an eeben dëser Educatioun vun de Kanner. Dat ass haut nach ëmmer genee sou wouer wéi deemools. Dëst fanne mir jo och am Artikel 2 vum Gesetz vum 6. Februar 2009 « relative à l'obligation scolaire »: „Tout enfant habitant le territoire du Grand-Duché âgé de trois ans ou plus a droit à une formation scolaire qui, complétant l'action de sa famille, concourt à son éducation. Ce droit est garanti par l'État conformément aux dispositions des lois régissant les différents ordres d'enseignement.“

Mir si momentan weltwäit an enger ganz spezieller Situatioun. SARS-CoV-2 a COVID-19 si keng Onbekannte méi, mee quasi all Awunner weess eppes domadder unzefänken. Säit e puer Woche si mir hei zu Lëtzebuerg am Confinement: ganz vill Leit sinn doheem, schaffe vun doheem aus an deplacéiere sech deemno nach just an Ausnamesituatiounen, ënnert anerem fir noutwenneg Akeef ze maachen, oder, wa se dann awer net vun doheem aus kënne schaffen, fir op d'Aarbechtsplaz ze kommen.

Dëst gëllt natierlech och fir d'Léierpersonal an och fir alleguer d'Schüler! Wéi donneschdes owes, den 12. Mäerz 2020, d'Nouvelle koum, dass d'Schoulen, d'Lycéeën, d'Maison-Relaisen an d'Crèchen ab méindes, dem 16. Mäerz fir 2 Woche géifen zoubleiwen an d'Kanner doheem bleiwe missten, huet d'Gesellschaft sech vill Froe gestallt: wéi soll dat funktionéieren, wat kënnen d'Kanner da léieren, wéi maachen ech als Elterendeel dat dann, a sou weider a sou fort.

Dass elo aus deenen am Ufank geplangten zwou Schoulwochen der am Endeffekt bis de 25. Mee aacht gi sinn, dat ass vläicht gefaart ginn, mee keen hätt dat deemools kënne wëssen. Wa mir elo nach d'Ouschtervakanz mat hiren 2 Wochen derbäirechnen, da kann ee soen, dass eis Schüler 10 Wochen net an d'Schoul hunn dierfe goen, also och 10 Woche laang hir Kolleegen a Frënn net kënne gesinn an hiert « normaalt » Liewen net hu kënne liewen.

Séier huet d'Schoul sech missen nei erfannen. Aus engem reguläre Schoulsystem ass a kierzester Zäit eng Schoul doheem ginn, déi och nach ganz oft als Homeschooling bezeechent gëtt.

Do musse mir awer elo mol oppassen, well Homeschooling a Schoul doheem sinn net dat selwecht! Homeschooling, oder « Enseignement à domicile » si per « Base légale » défineiert. Den Artikel 21 vun der Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental défineiert genee wat den Enseignement à domicile ass a wéi en funktionnéiert.

An dësem offiziellen « Enseignement à domicile » si momentan gutt 100 Kanner ageschriwwen. Aus verschiddenste Grënn sinn dës Kanner net an enger Schoul, mee ginn doheem beschoult. Dëst kënne souwuel medezinesch Grënn, e « Passage temporaire » zu Lëtzebuerg, oder och ganz aner perséinlech Grënn sinn. E gudden Deel vun dëse Schüler ass an engem « Enseignement par distance » ageschriwwen: si kréien de Programm vun enger „Schoul“ geschéckt, hu meeschtens e perséinlechen Uspriechpartner, en Tuteur quasi, schreiwen och Tester a Prüfungen a kréien an de meeschte Fäll och eng zertifikativ Evaluatioun, eng „Zensur“ eeben. Bei alle Schüler am « Enseignement à domicile » läit d'Kontroll an der Kompetenz vun der betraffener Regionaldirektioun.

Mir sinn an der Reegelschoul awer elo an engem ganz anere « Cas de figure »: d'Schüler sinn net an engem « Enseignement à domicile », mee éischter an engem « Enseignement à distance ». Den Enseignant schafft schoulesch mat de Kanner, eebe just net physesch zesummen an engem Klassesall, mee op Distanz. Ganz oft funktionéiert dat op elektroneschem Wee. De Ministère huet schonn an de leschte Jore vill flott elektronesch Hëllefsstellungen zur Verfügung gestallt, déi eis Schüler mat Hëllef vum « IAM for Kids » notze kënnen. An de meeschte Fäll klappt dat richteg gutt: d'Kanner gesi sech via « Microsoft Teams » an der Visiokonferenz, Aufgabe gi via

Mir sinn an der Reegelschoul awer elo an engem ganz anere « Cas de figure »: d'Schüler sinn net an engem « Enseignement à domicile », mee éischter an engem « Enseignement à distance ».

Teams hin- an hiergeschéckt, den Enseignant freet reegelméisseg bei de Kanner no, wéi et hinne geet a wéi se mat den Aufgaben eens gii sinn, e schéckt Videoe mat Erklärungen, sou wéi wann an der Klass eppes géif zesummen erschafft a gewise ginn.

An awer: leider klappt dat net bei all Kand! Net all Kand huet déi selwecht technesch Méiglechkeeten doheem. Hautdesdaags kéint ee wuel mengen, dass d'Kanner vun haut quasi mat Internet am Rucksak gebuer ginn. Dëst ass bildlech wuel fir munch Kanner zoutreffend, mee deem ass awer net fir all Kand esou! Wéi vill Schüler kenne mir, wou et doheem awer nëmmen 1 Handy mat Internet-Accès gëtt? Wéi vill Schüler kenne mir, déi doheem weder Computer, nach Printer, Scanner oder iPad hunn? Mir hu bei eis zu Lëtzebuerg glécklecherweis gutt Internet-Verbindungen, mee se sinn awer net iwwerall an all Haus d'selwecht séier: fir eng gescheit Qualitéit vu Bild an Toun an enger Visiokonferenz ze hunn, muss d'Internet-Verbindung dat och erméiglechen, mee dat ass leider net iwwerall de Fall. E ganze Koup Enseignantë fuere quasi all Dag duerch d'Landschaft fir och dëse Schüler kënnen ze hëllefen a si verdeele reegelméisseg Aarbechtsblieder an Erklärungsblieder via Bréifkëscht un hir Schüler ouni Internet-Verbindung.

Et ass awer net nëmmen um technesche Plang, wou et gréisser Ënnerscheeder gëtt, mee och a virun allem um mënschleche Plang: wéi vill vun eise Schüler hu keng Elteren doheem, déi aus dem Enseignement kommen an hëllefe kënnen, wann et muss sinn? Ech wëll domadder net soen, dass Elteren, déi net aus dem Enseignement sinn, dat net kënne maachen, mee et fält engem ausgebilten Enseignant méi einfach fir senge Kanner didaktesch zur Säit ze stoen.

Wéi vill vun eise Schüler hunn Elteren, déi déi eng oder aner Sprooch net kënnen an dofir och guer net hëllefe kënnen? Wéi vill Kanner hunn Elteren doheem, déi am Home-Office sinn an hirem Patron e gudden Deel vum Dag zur Verfügung stoe mussen, an dofir keng Zäit hunn, fir hir Kanner de ganzen Dag laang ze begleeden an hinnen zur Säit ze stoen? Wéi vill vun eise Schüler sinn Eenzelkanner a brauchen d'Opmierksamkeet vum Elterendeel (oder den Elterendeeler) net mat Geschwëster ze deelen? Dir gesitt, et ass net alles Gold wat glänzt. D'Ongläichheete gi sécherlech duerch d'Schoul doheem net méi kleng, éischter souguer leider méi grouss, mee et ass awer momentan déi eenzeg Méiglechkeet déi eis bleift fir iwwerhaapt kënne schoulesch eppes un eis Schüler ze bréngen.

An dëser Zäit mat der Schoul doheem gi sech alleguer déi betraffe Leit immens vill Méi fir dës dach net einfach Zäit optimal fir d'Kanner ze gestalten an ze notzen. Et ass elo un eis alleguer, Léierpersonal an Elteren, an deene puer Wochen déi elo nach bleiwen, eise Schüler an / oder Kanner optimal zur Säit ze stoen. Wann da wierklech Enn Mee 2020 d'Schoul erëm wäert kënnen opgoen, dann ass et nawell net einfach fir erëm nei unzefänken, weeder fir de Schüler, nach fir den Enseignant.

Momentan gëtt et net vill Choix fir de Rescht vun dësem Schouljoer: entweeder maache mir dat Bescht aus de leschte 6 Woche vun dësem Schouljoer, natierlech ënnert de néidege sanitäre Konditiounen an « en Alternance », sou wéi vum MENJE ugeduecht, oder, an dat ass a mengen Aen déi beschte Léisung, mir loossen d'Schoul bis an de September zou a fuere weider mat der Schoul doheem, och wann et net déi optimaalste Saach ass. An dësem Fall misst eng Léisung fonnt gi fir d'« Bilans de fin de cycle » auszestellen. Eis Schüler am Cycle 4 ginn Enn Juni per « Décision commune » tëscht den Elteren an der « Équipe pédagogique » an den « Enseignement secondaire » orientéiert. Do feelen da wuel d'Resultater vun den « Épreuves communes », mee et gi genuch aner Indicateure fir déi Decisioun an déi richteg Richtung ze huelen.

Egal wéi d'Enn vun dësem Schouljoer wäert ausgesinn, dat Allerwichtegst ass, dass mir alleguer, Schüler, Enseignanten, Elteren an alleguer déi aner betraffe Leit a beschter Gesondheet bleiwen an dass mir alleguer zesummen am September dat neit Schouljoer 2020/2021 mat vill Energie a gudder Gesondheet kënnen ufänken.

Larry Bonifas
Instituteur chargé de mission – Enseignement à domicile

Hautdesdaags kéint ee wuel mengen, dass d'Kanner vun haut quasi mat Internet am Rucksak gebuer ginn. Dëst ass bildlech wuel fir munch Kanner zoutreffend, mee deem ass awer net fir all Kand esou!

Et ass awer net nëmmen um technesche Plang, wou et gréisser Ënnerscheeder gëtt, mee och a virun allem um mënschleche Plang.

Zënter 1999 ass de Larry Bonifas Schoulmeeschter, souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire. Op nationalem Niveau këmmert hien sech zënter September 2018 ëm den « Enseignement à domicile » am Fondamental.

Enseignante sinn an Zäite vu Covid-19

Auteur : Isabelle Loewenstein

Wien hätt geduecht, dass mir den 13.3.2020 no Schoulschluss heem ginn an eis Schüler esou eng laang Zäit net méi gesinn. Deen Dag selwer, wou mir d'Annonce kruten, dass d'Schoulen zougemaach ginn, hu mir nach probéiert zesummen ze sichen an ze pake wat logistesch méiglech war, et de Kanner an de Grapp ze drécken oder an de Schoulsak ze stiechen.

Haut, eng gefillten Éiwegkeet méi spéit, sti mir Enseignantë virun enger neier Erausfuerderung, déi mir esou an eiser Grondausbildung natierlech net duerchgeschwat a konkret geléiert hunn.

Eise berufflechen Alldag, dee soss am Klassesall stattfonnt huet, gouf elo an eis Privatwänn katapultéiert. Iwwert Jore ware mir gewinnt, Schüler 5 oder esouguer 6 Deeg an der Woch ze gesinn, perséinlech ze begréissen, an den Aarm ze huelen, hinnen eemol e léiwe Bléck zouzewerfen an eisen Alldag zesummen a mateneen als Klass ze verbréngen.

Eise Klasseverbond gouf elo gesprengt. Mir sinn net méi bei eise Schüler an d'Schüler däerfe keen direkte Kontakt méi ënnerteneen hunn. Mir gesinn eis Schüler an hir Elteren och just nach iwwert en Ecran oder mir héiere si um Telefon.

Gewinnte Routinne goufen ënnerbrach. Wärend Routinne soss fir Struktur an eng gewësse Sécherheet an eise Klasse gesuergt hunn, siche mir elo alleguer en neien Alldag an deem jee no Kontext «Télétravail», Kannerbetreiung an Haushalt ënnert een Hutt passe mussen. Dëst ass sécherlech net einfach fir kee vun de Bedeelegten.

Mir feele meng Schüler immens vill an ech si frou iwwert all Foto oder Video, déi hir Eltere mir schécken. Ech gesinn, dass et hinnen à priori gutt geet an dat berouegt mech alt e bëssen. Mir louch virun dëser Kris schonn ëmmer vill drun a mir ass am Moment ëmsou méi dorunner geleeën, dass meng kleng Schüler wuel op sinn a sech weider gutt entwéckele kënnen. Mir all hu jo eng Bindung zu eise Schüler, all eenzelen op seng ganz eegen Aart a Weis.

Ech fille mech och zu engem gewëssene Mooss hëlleflos, well ech elo esou wäit vun hinnen ewech sinn. Ech hunn zwar e gudden Austausch mat den Elteren a Kontakt zu de Kanner, mee et ass net ze vergläiche mat deem perséinleche Kontakt, dee mir dach soss an eiser Klass haten. Deen indirekten Echange ersetzt op kee Fall déi direkt Kommunikatioun, déi soss eist Klasseliewe präägt. Villes, wat soss op tëschemënschlechem Niveau geschitt, geet elo leider verluer.

Mir gëtt vun Dag zu Dag méi bewosst wéi enorm wichteg mir Enseignantë grad elo sinn an eiser Funktioun als wichteg Bezuchspersoun fir d'Kanner an d'Elteren.

Mir ass et wichteg och an dësen Zäiten eng gutt Aarbecht ze maachen an den Elteren esou gutt et geet entgéint ze komme mat Material, mat deem si och doheem eens ginn. Mee et ass schwéier, eng gesond Balance ze fannen tëscht ze vill fir deen een an ze mann fir deen aneren.

Ech denken an deem Kontext virun allem u meng méi schwaach Schüler a maache mir vill Gedanken, wou si schoulesch wuel wäerte stoen, wann dat Ganzt eriwwer ass.

Ech wëll d'Elteren och net zousätzlech stressen, mee si begleeden, guidéieren, assistéieren a coachen esou gutt et geet an erwënscht ass. Ech wëll awer virun allem fir meng Schüler iergendwéi virtuell present bleiwen an DO sinn. Si solle wëssen, dass ech, d'Joffer nach ëmmer fir si do sinn a si net vergiess hunn.

Mir gëtt vun Dag zu Dag méi bewosst wéi enorm wichteg mir Enseignantë grad elo sinn an eiser Funktioun als wichteg Bezuchspersoun fir d'Kanner an d'Elteren. Andeems ech versichen iwwert verschidde Weeër a Kontakt mat jidderengem ze bleiwen,

Deen indirekten Echange ersetzt op kee Fall déi direkt Kommunikatioun, déi soss eist Klasseliewe präägt. Villes, wat soss op tëschemënschlechem Niveau geschitt, geet elo leider verluer.

probéieren ech eis Klass als sozial Entitéit zesummen ze halen. Grad ELO ass dee Matenee jo esou wichteg. Mir brauchen een deen aneren.

Et ass eng nei Form vu geliefter Solidaritéit, Versioun Covid-19/Schouljoer 2020.

D'Isabelle Loewenstein ass Enseignante am Cycle1 an der Gemeng Hesper a Member vum Comité central vum sne/cgfp.

Är Reaktiounen op eisen Opruff

« Wéi erlieft Dir dës Zäit vun der Corona-Kris, a besonnesch wat sinn Är Erfarungswäerter vum "Schoulhalen" doheem ? Schreift eis ! »

Moien,

Ech hunn en C2 zu Péiteng. Ech schécke menge Kanner de Wuertschatz a maachen Diktater (a maachen Tutorials) mam Bookcreator.
Ech hunn dat scho virdru gemaach. Zousätzlech hunn ech op Padlet d'Sammlung vu mengen elektronesche Blieder. Ech schécke menge Schüler per Mail Fiche mam Corrigé. D'Eltere musse mir verschidden Aufgabe schécken, dass ech de Wëssensstand plus ou moins kontrolléiere kann. Wonnerschéi gell... AWER et huet net jiddereen e PC, Internet, en Drucker, ...
Deene schécken ech dann alles per Post.
Leider gëtt et en Zesummenhang tëscht schwaache Schüler an informatesch manner equipéierten Elteren ..., an do läit d'Kromm an der Heck.
Déi Kanner kréie keng elektronesch Bicher, keng Videoen a vu flotte „Schoul doheem-Sitten" schwätze mir guer net. Och wann d'Kanner an d'Elteren de Corrigé kucken, wësse si net onbedéngt FIRWAT et falsch ass. Also ass Apprentissage ganz schwéier à distance.
Ech muss awer e ganz grousse Luef u menge Kanner hir Elteren ausspriechen. Si maache wat se kënnen, sinn immens léif a kooperativ. An dat obwuel fir si d'Situatioun gewëss net einfach ass. Mir feelt de Kontakt mat menge Schüler an ech si frou iwwer all Feedback (Foto, WhatsApp, Sproochnoriicht an Telefonsgespréich) vu menge Schüler.
D'Situatioun ass leider net ze änneren.
D'Mesure si leider inevitabel.
E Roulement wär vläicht eng Iddi. D'Kanner géifen an A a B (an C) Grupp agedeelt ginn a sou stonneweis an der Schoul hiren Enseignant mat Ofstand begéinen a Léierstoff erkläert kréien. (Just eng farfelu Iddi)

Léif Gréiss a merci fir är Aarbecht,
Nadine Berens, Léierin, Fra vun engem Schoulmeeschter a Mamm vun 2 Kanner (4.2. an 3e)
Mail vum 4. Abrëll 2020

Moien,

Ech schaffe mat Enveloppen. D'Kanner kréie vu mir dräimol an der Woch Aufgaben an d'Bréifkëscht geluecht (Kopien, Bicher, Hefter, Blieder mat Erklärungen). Bei der Schoul steet eng Këscht, an déi d'Kanner dräimol an der Woch hir Aufgaben draleeën, fir dass ech se verbessere kann. Mir stinn iwwer E-mail an Telefon a Kontakt, fir wann d'Kanner Froen hunn. Et ass een Cycle 3.2. Dat klappt ganz gutt. D'Eltere si ganz zefridden.

D'Klass ass och op Teams fir mateneen ze schwätzen. Ech wäert hinnen och Videoe schécken, bei méi schwéiere Saachen. Also fir de Moment geet et, mee et däerf net ze laang daueren.

Mail vum 3. Abrëll 2020

Är Reaktioun op eisen Infomail:

"Manner ass méi!"

Gudde Moien,

Dir hutt et gutt op de Punkt bruecht...

Perséinlech kann ech soen, ech si Mamm vun 3 klenge Kanner, déi nach nit autonom schaffe kënnen. Dat Eelst am C2.2 léiert schwéier. Mäi Mann huet ee Bauerebetrib, dee bei dësem Wieder natierlech op Volltoure leeft. Eis Botzfra huet duerch Congé pour raisons familiales fräi, an ech selwer hu 6 Klassen, deenen ech versiche gerecht ze ginn.....

Mir bekloen eis nit a si gesond, mee schloen effektiv d'Rad.

LG,
Danielle Simon-Arendt

Mail vum 28. Mäerz 2020

Är Reaktiounen op eisen Opruff

Moie léift SNE Team,

Zënter Wochen, fir méi genau ze sinn, zënter dem Ufank vun der CoVid-19 Pandemie an Lëtzebuerg an domadder verbonne mam Homeschooling, gi mir vill Gedanken duerch de Kapp. Duerch är Mail denken ech mech kënne matzedeelen an dës Gedanke mat iech ze deelen.

Fir d'éischt emol: Jo, Homeschooling funktionéiert. Als Enseignant op enger P Klass, déi glécklecherweis och nach « One2One Tablett » Klass ass, kann ech vill Positives aus dem Homeschooling erauszéien. Sécherlech ass et net perfekt, och an dëser Klass mécht deen ee Schüler seng Aarbecht besser, deen anere manner. Eng Klass bleift eng Klass, e Schüler e Schüler, egal ob elo an der Schoulklass oder ebe vun doheem.

Vill Schüler wuessen an dësem Moment iwwert sech eraus, an iwwerrasche mech Dag fir Dag, wéi gutt si alles geréieren, dowéinster hinnen och emol e grousse Merci. Ech mengen, dat Wuert Viraarbecht bréngt et op de Punkt. D'Schüler vun der uewe genannter P Klass si säit 7ème a Kontakt mat digital Medien, mam Tablett, mam Office, etc., dëst wierkt an der aktueller Situatioun Wonner. Et sinn natierlech nach ëmmer technesch Froen ze klären, oder och Zousazerklärungen ze ginn, mee am Grousse Ganze kënne si am Homeschooling funktionéieren. Weist sech net grad an dësem Moment eng gutt Basis fir digital Kompetenz?

An eise Schoulen a Lycéeë setze mir op PC-Kompetenz, Schüler musse Word, Excel a Powerpoint beherrschen! Jo, sécherlech gëtt aktuell dorunner geschafft an et verännert sech lues awer sécher an déi richteg Richtung, mee wéi sou oft ze spéit. Dës Kris huet kee gesi kommen, mee firwat ass d'Schoul ëmmer esou wäit hannendran? D'Schüler aus der beschriwwener P Klass kënnen zwar net deen schéinsten Diagramm am Excel aus den Daten erhiewen, mee dofir beherrsche si déi digital Kommunikatioun mat de Proffen, kënnen Aufgaben an all hinne bekannten Apps eroflueden, ausfëllen an nees eroplueden, sharen ass fir si keen Hindernis, Screenshot a Screenvideo keng Hexerei, an anere Wierder, déi aktuell Situatioun, a komm mir hoffen, dass se net ze laang dauert, ass eng Chance fir d'Schüler hir digital Kompetenze kënnen ze notzen.

Ech hoffen dass dës Aart vu Kris sech net widderhëlt, mee den Homeschooling kann och no dëser Kris eng Opportunitéit sinn, wann zum Beispill e Kand wéinst enger Krankheet kuerz oder laang doheem bleiwen

Ech gi ville Leit Recht, wa si soen Homeschooling ka richtegt Schoulhalen net ersetzen, ech mengen den Homeschooling kann awer komplementar funktionéiere wann d'Situatioun sech ergëtt.



muss. D'Schüler sinn an dësem Beräich kompetent genuch, sou dass et keen Nodeel muss sinn. Ech gi ville Leit Recht, wa si soen Homeschooling ka richtegt Schoulhalen net ersetzen, ech mengen den Home-Schooling kann awer komplementar funktionéiere wann d'Situatioun sech ergëtt.

Ech hunn uewen am Text geschriwwen, de Schüler wär jo nach ëmmer de Schüler, dowéinst ass den Enseignant och nach ëmmer den Enseignant. Mat engem Laachen am Gesiicht, net fir mech lëschteg ze maachen, mee mat gréisster Freed, gesinn ech Kolleegen, déi vun doheem Cours halen, deelweis souguer d'Material schonn doheem haten, reegelméissegen digitale Kontakt mat hire Schüler hunn, interessant Plattformen an digital Méiglechkeeten ze notzen wëssen. Dat ass impressionnant a verdéngt mäi gréisste Respekt. Merci dëse Leit, déi beweise wéi et ka lafen, dass een an der aktueller Situatioun no un normaalt Schoulhale kënnt. Dës Enseignantë sinn eng Inspiratioun, net nëmmen fir mech, mee sécherlech och fir hir Schüler. Geet et an der ganzer aktueller

D'Schüler vun der uewe genannter P Klass si säit 7ème a Kontakt mat digital Medien, mam Tablett, mam Office, etc., dëst notzt an der aktueller Situatioun Wonner.

Situatioun net och dorëms, einfach emol eis Schüler nees ze inspiréieren, weisen, dass mir hinnen och an dëser Situatioun eis Bescht ginn, si motivéieren, sech all Dag viru Smartphone, Tablett a Computer ze setzen an och hiert Bescht wëllen ze ginn?

E motivéierten an engagéierten Enseignant virun der Kris ass och genau dee selwechte wärend der Kris, just seng Methoden änneren!

Bescht Gréiss, Kim Melchers.

Mail vum 9. Abrëll 2020

Interview : Schoul doheem 2020

Anne Scheifer

1. Wéi verleeft den Alldag bei lech doheem zënter dass d'Schoulen zou sinn? Wéi vereenbar ass den "enseignement à distance" als Enseignant mat Ärem Familljeliewen?

Den « Enseignement à distance » ass mat zwee eegene Kanner (11 a 15 Joer) net ëmmer evident. Et erfuerdert eng gutt Selbstdisziplinn, Organisatioun an déi néideg technesch Moyenen. D'Routine ze fanne fir all moies wéi ëmmer opzestoen, ab 9 Auer am Teams mat senger Klass ze schaffen, parallel déi eege Kanner och ze motivéiere fir hir Aufgaben ze maachen huet e puer Deeg gedauert. Natierlech huet een als Enseignant eng grouss Verantwortung: dofir suergen, dass all Schüler online ass a mam Programm matkënnt, an dass déi eege Kanner och an der Schoul weiderkommen a motivéiert bleiwen. Dat ass heiansdo e richtege Spagat. An da séier kache goen, d'Aufgaben am Stot sinn duerch de Confinement natierlech och net manner ginn.
Do musse vill Saachen dann eebe bis de Weekend waarden. Alles an allem ass d'Schlësselwuert « Balance », a gesond bleiwen, Kapp wéi Kierper, an dat geet nëmme mat Organisatioun, Selbstdisziplin an nei Routinnen an d'Liewe ruffen. Wéi all Etapp am Liewen ass och déi heite mat upasse verbonnen a wäert iergendwann eriwwer sinn. Dofir muss een dës Phase elo positiv begréissen a realiséieren, dass een nei Kompetenzen entwéckelt, esou wuel den Enseignant wéi d'Schüler. Eng positiv Astellung a Vertraue si wichteg fir all « Aarbecht » ze bewältegen.

Jeff Kirsch

1. Wéi verleeft den Alldag bei lech doheem zënter dass d'Schoulen zou sinn? Wéi vereenbar ass den "enseignement à distance" als Enseignant mat Ärem Familljeliewen?

Den Ënnerscheed zum Ënnerriichten an der Schoul ass - vun der Zäit hier betruecht - deen, dass d'Coursen do zäitlech gereegelt sinn duerch e präzisen Horaire. Doheem ass dat net de Fall. Entweder gëtt ee sech do selwer en Horaire oder et schafft een an Ofstänn queesch duerch den Dag. Bësse gewunnechtsbedürfteg ass, dass d'Elteren ee vu moies (ab 8 Auer) bis owes (zum Deel 10 Auer) kontaktéieren, dass ee Réckmeldunge kritt an Aufgabe geschéckt kritt, ouni dass dat zäitlech gereegelt ass. Den Zäitopwand ass méi grouss, well ech net sämtlecht Material doheem hunn, keng Kopiesmaschinn wéi an der Schoul besëtzen a mir vill méi Gedanke maache muss, wéi een de Kanner et gerecht maache kann, well si jo net present sinn an ee bei Problemer, Froen an Hëllefsstellungen net direkt reagéiere kann, wéi et am Klassesall de Fall ass.

Eege Kanner hunn ech keng an aner Aufgaben am Stot kommen héchstens sporadesch ze kuerz.

2. Wéi en Afloss hunn déi technesch Méiglechkeeten op den "enseignement à distance"? Wéi eng Erfarungen hutt Dir heimat bis elo gemaach?

Ech war bis den 13. 3. 2020 weeder e Fan vun den digitale Medien, nach uerdentlech equipéiert heiheem. Ech hu mir awer um Ufank vum Confinement iwwerluecht, wéi ech mat menge Schüler beschtméiglech funktionéiere kann, wéi ech esou no wéi méiglech un de reellen Enseignement erukomme kann. Dofir hunn ech mir en iPad kaf fir de Kanner hir Aufgaben och kënnen « handgeschriwwen » ze verbesseren. Ech mengen, dass d'Kanner sollen e Maximum an hirer Routine bleiwe kënnen an eng gewësse Sécherheet brauchen. Dofir solle si Dag fir Dag e Programm kréien, esou wéi och an der Schoul; si solle kënne wéi ëmmer an hir Hefter oder Bicher schreiwen. Da geet et och duer wa si mir mat engem GSM oder enger Tablett eng Foto per Mail schécken an ech hir Aufgab mam « Pencil » verbesseren an hinnen zeréckschécken. Heifir hunn d'Kanner an dësem Alter alleguer esou wuel d'Kompetenze wéi och d'Material.

2. Wéi en Afloss hunn déi technesch Méiglechkeeten op den "enseignement à distance"? Wéi eng Erfarungen hutt Dir heimat bis elo gemaach?

Ech si mir an de leschte Wochen esou richteg bewosst ginn, dass ee bei Kanner am Fondamental technesch gesi séier u seng Grenze stéisst. Wann d'Elteren do net matspillen a vläicht vum technesche Know-how, dem zäitlechen Opwand oder finanziell gesinn net matspille kënnen, ass et praktesch eng Sisyphus-Aufgab nei Medien anzesetzen. Am Lycée kréien d'Kanner déi nei Medien zimmlech schnell bäibruecht, am Fondamental geschitt dëst just sporadesch an hänkt och vun de Gemengenintressen a –finanzen of. Réischt a leschter Zäit ass do a ville Gemengen eppes geschitt. Dëst vun haut op muer uwenden a praktizéieren, wéi et virun engem Mount de Fall war, ass eng Illusioun.

Ech loossen den Elteren de wëchentleche Programm per E-Mail zoukommen, verschécken en awer och per Post, wann d'Méiglechkeet doheem net besteet Dokumenter ze printen. Ech probéieren e Maximum u Material aus de Schoulbicher ze zéien, déi d'Kanner doheem hunn a mat deene si vertraut sinn.

Ech hunn d'Erfarung gemaach, dass - egal wéi eng App oder wéi e moderne Medium ee benotzt - een ni all d'Kanner zesummen erreecht, dat ass de groussen Nodeel. Ech muss bei enger Rei Kanner op Enveloppen zeréckgräife fir hinnen Aarbechtsblieder zoukommen ze loossen. Deen een oder anere Stot ass weder am Besëtz vun engem Computer nach vun engem Tablett, a fir alles iwwer Handy ze maachen erweist sech als enorm problematesch.

Limitatioune ginn et beim Verbessere vun Aufgaben. De Gros vun den Aufgaben hunn ech esou virgesinn, dass ech e Corrigé matschécken an dass d'Kanner oder d'Elteren d'Verbesserungen eegestänneg virhuelen. Bei méi oppenen Aufgabe solle si mir et schécken, ech printen et, verbesseren et, scannen et a schécken et nees zeréck. Dat setzt als éischt mol viraus, dass een e proppere Scan oder eng propper Foto geschéckt kritt. Wann een net grad en iPad mat engem sophistiquéierte Stëft huet, wou een an eng Foto kann dra verbesseren, ass et immens ëmständlech Verbesserunge virzehuelen...

Et ass wichteg, de Kanner Vertrauen ze vermëttelen an d'Freed um Liewen, an hinne mam gudde Beispill ze weisen, dass ee sech ëmmer upasse kann, soll a muss. Op de Wee kënnt et un.
De wichtegste Léierprozess ass d'Entdecke vu sengen eegene Fäegkeeten, an dat hält ni op.

Anne Scheifer

Et soll positiv festgehale ginn, dass een ënnert dem Stréch déi nei Medien elo besser kennt, sech vläicht mol déi éischte Kéier sou richteg mat hinne befaasst huet, mam Zil se och beim Ënnerriichten an der Schoul an Zukunft vill méi anzesetzen. Dat selwecht soll och fir d'Elterenhaus gëllen.

Jeff Kirsch

3. Wéi funktionéiert d'Zesummenaarbecht mat den Elteren? Wéi e Feedback kritt Dir vun den Elteren?

No der éischter Woch hat ech de Feedback bei den Eltere gefrot fir déi zweet Woch deementspriechend unzepassen. All d'Eltere ware begeeschtert, an hunn et begréisst, dass hir Kanner sech all moies ab 9.00 als Videokonferenz mat mir zesummefannen an esou och eng gewësse Gruppendynamik bäibehale gëtt. Si kënnen hir Froe stellen, an dono eventuell nach a Gruppe weiderschaffen. Och dass all Dag alles verbessert gëtt an d'Kanner dat dann zeréckkréien, hu si positiv bewäert, well nëmmen esou eng gewësse Reegelméissegkeet a Motivatioun bestoe bleift. D'Eltere sinn deemno och e bëssen entlaascht. Mat e puer Famillen ass et méi schwiereg iwwer Email a Kontakt ze bleiwen, virun allem well dës Leit eng gewëssen Hemmschwell wéinst der Sprooch empfannen. Do ruffen ech dann éischter un, fir eventuell zousätzlech Erklärungen zum Fonctionnement oder der Organisatioun ze ginn. Et ass wichteg, dass si gesinn, dass hir Maîtrise vun der Sprooch hei net relevant ass, mee d'Weiderkomme vun hirem Kand. Ech hunn aus hirem Feedback awer och eng Erliichterung gesi well si sech verstane fillen an net eleng gelooss ginn.

4. Wéi en Afloss huet den "enseignement à distance" op Är Relatioun mat de Schüler? Hutt Dir den Androck, dass Dir all d'Kanner erreecht a si bei hirem Léierprozess genuch ënnerstëtze kënnt?

Dës Zäit ass wéi all Zäit am Liewen eenzegaarteg an, jo, natierlech bewierkt een och am « Enseignement à distance » als Joffer oder Schoulmeeschter ganz vill bei engem Kand. Ech konnt de Kanner weisen, dass och ech duerch dës Kris nei Kompetenzen entwéckele kann. Sief et elo an dësem neie Kontext, oder awer ganz normal an der Schoul, wann en neit Schouljoer usteet oder ee plënnert a ganz nei Kolleege fanne muss, … D'Kanner sinn upassungsfäeg, mir musse si just dobäi luewen an ënnerstëtzen an de Rescht maache si scho wonnerbar. Jo, ech hunn och am «Enseignement à distance» vill Freed gesinn a gelies säitens Schüler an Elteren. Mir hunn och vill erfaasste Matière, ganz wéi an der Schoul zu normalen Zäiten,

3. Wéi funktionéiert d'Zesummenaarbecht mat den Elteren? Wéi e Feedback kritt Dir vun den Elteren?

Verschidden Eltere melle sech all Dag (souguer e puer mol), anerer iwwerhaapt net an do muss een op den Telefon zeréckgräifen. Vu verschiddenen Eltere kréien ech reegelméisseg Aufgabe geschéckt, vun anere just op Drock resp. Nofro hin. D'Elteren hu mir - op Nofro hin - matgedeelt, dass de Pensum un Aufgabe fir si ugemooss ass, mee dass et heinsdo net einfach ass fir d'Motivatioun bei hire Kanner oprecht ze erhalen. Et ass fir si eng komplett nei Situatioun an dat gutt Wieder dréit och net onbedéngt dozou bäi, dass d'Aufgaben an där Schnellegkeet geschriwwe gi wéi et an der Schoul de Fall wier.

D'Eltere kënne mech kontaktéieren an och d'Kanner krute vun den Eltere meng Handysnummer fir direkt Kontakt mat mir opzehuelen, wa si Froen hunn oder eng Hëllefsstellung brauchen. Et huet bis elo awer nach kee Kand richteg vun där Geleeënheet profitéiert. Den Appui-Enseignant bitt de Kanner un, him per Kamera ze weisen, wat si geschriwwen hunn an hie gëtt hinnen - och per Kamera - schréftlech a mëndlech Hëllefsstellungen.

4. Wéi en Afloss huet den "enseignement à distance" op Är Relatioun mat de Schüler? Hutt Dir den Androck, dass Dir all d'Kanner erreecht a si bei hirem Léierprozess genuch ënnerstëtze kënnt?

Et ass fir mech onméiglech all d'Kanner esou ze erreeche wéi dëst am Klassesall de Fall ass. Sech ënnerteneen hëllefe geet fir d'Kanner och just «à distance». Wéi schonn erwähnt, däerfen d'Kanner mech per Telefon kontaktéieren, wa Froen oder Onkloerheet sinn oder si ganz einfach Hëllef brauchen. Dee Moment kucken ech mat hinnen op wéi engem Wee ech hinnen adequat an am beschten ënnert d'Äerm gräife kann.

mat klenge Quizzer an Tester ofgehaakt. Nëmmen esou sinn d'Schüler frou a berouegt wa si e Feedback kréien, eppes geléiert a verstanen ze hunn. Den Avantage beim online Unterrecht ass, dass ee mat all Kand quasi ongestéiert eppes kann opschaffen (also differenzéieren) bis et verstanen ass ouni déi aner Schüler am Hannergrond ze hunn, déi eng nei Aufgab vun ons erwaarden. All Schüler ass deemno ëmmer mat engem gléckleche Gefill un dat nächst Kapitel erugaangen. Ech als Enseignante ebenfalls, an dann huet een och de Weekend, respektiv d'Vakanz gutt verdéngt.

5. Wéi eng Conclusioune zéit dir perséinlech aus dëser Zäit, a wéi eng Léiere kann d'Schoul aus dësem Ausnamezoustand zéien?

Ech zéie verschidde Conclusiounen aus dëser Zäit. Alles läit un der Astellung sech all Changement positiv ze stellen esou laang d'Gesondheet engem dat erlaabt. Et ass wichteg, de Kanner Vertrauen ze vermëttelen an d'Freed um Liewen, an hinne mam gudde Beispill ze weisen, dass ee sech ëmmer upasse kann, soll a muss. Op de Wee kënnt et un. De wichtegste Léierprozess ass d'Entdecke vu sengen eegene Fäegkeeten, an dat hält ni op.
Fir eis Zukunft mengen ech, dass et wichteg ass, d'Liewen ee Maximum ze schützen an net oniwwerluecht aus ekonomesche Grënn ze séier de Confinement opzehiewen an domat de Kanner eng Responsabilitéit opzeerleeën, déi hinnen net zousteet. D'Kanner solle kënne geschützt grouss ginn a mir als Enseignanten, mee och d'Politik sollen dozou bäidroen. Si mer also gedëlleg an zouversiichtlech a vermëttele mir dat onse Kanner.

5. Wéi eng Conclusioune zéit dir perséinlech aus dëser Zäit, a wéi eng Léiere kann d'Schoul aus dësem Ausnamezoustand zéien?

No den éischten 3 Woche « Schoul doheem » muss ech feststellen, dass Widderhuelunge vu behandelte Kapitelen sech als virdeelhaft erweisen. Et muss awer och neit Material dobäikommen an do brauchen d'Kanner Erklärungen. Do kënnt ee fir mech net laanscht de Klassesall. Well dat awer momentan net méiglech ass, kréien d'Kanner vu mir schréftlech resp. mëndlech Erklärunge mat Bildschiermvideo (d'Kanner héiere mech a gesi wat ech um Computer weisen).

D'Enseignanten hu sech an de leschte Woche warscheinlech méi mat de neie Medie beschäftegt an ausernee gesat, wéi jeemools virdrun, dat selwecht gëllt fir vill Kanner an Elteren. Et soll positiv festgehale ginn, dass een ënnert dem Strëch déi nei Medien elo besser kennt, sech vläicht mol déi éischte Kéier sou richteg mat hinne befaasst huet, mam Zil se och beim Ënnerriichten an der Schoul an Zukunft vill méi anzesetzen. Dat selwecht soll och fir d'Elterenhaus gëllen.

Anne Scheifer, Léierinn zënter 1996, huet en C4.1 an der Stad Lëtzebuerg.

De Jeff Kirsch ass zënter 2006 Schoulmeeschter an der Gemeng Käl/Téiteng am Cycle 4.2. an huet 14 Kanner a senger Klass.

Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW


ernster®
l'esprit livre
MORE THAN A STORY,
A NEW FRONTIER.
Order today, escape tomorrow.
www.ernster.com

La librairie de l'éducation

DIDERICH

Librairie • Papeterie

NOUVEAU:

Diderich Café Umeck

2, rue Victor Hugo
L-4110 Esch-sur-Alzette

Service Librairie : 55 40 83 - 21 / 28
Service Papeterie : 55 40 83 - 22 / 32

Tous les livres et articles scolaires
www.diderich.lu

voyages
emile weber
éischtklasseg reesen

School trip
by emile weber

Voyages scolaires et séjours éducatifs avec Schooltrip

Voyages Emile Weber propose des voyages scolaires, séjours éducatifs, excursions thématiques et des visites dans des entreprises de la région. Profitez du plaisir de partir tous ensemble vers une de nos nombreuses destinations ou celle de votre choix avec notre programme à la carte.

Découvrez nos offres attractives adaptées à tous les besoins et budgets!

Informations et réservations :

Tél.: (+352) 35 65 75 - 300 · info@schooltrip.lu · www.schooltrip.lu

boesner

KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen

- Über 28.000 Artikel
- Staffel- und Großhandelspreise
- Lieferservice
- Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com

Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr

Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht

Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier

www.boesner.com

Atemberaubendes Erlebnis in der Tiefe des Berges

Kinder zwischen 6 und 14 Jahren nehmen die Rolle eines Bergmanns ein: Sie erleben eine nachgestellte Sprengung, festigen die Decke eines Stollens, hauen selber Eisenerz. Als Belohnung erhalten die Kinder und Schüler am Ende ein kleines Geschenk.

Für reservierte Gruppen (max. 18 Kinder pro Gruppe) ist das Museum ganzjährlich geöffnet.

Für Einzelbesucher: April - Juni, Sept.: Do. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr
Juli - August : Di. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr
(letzte Führung um 16:30 Uhr)

Sie möchten einen Kindergeburtstag bei uns feiern?

Kein Problem! Nach der Besichtigung stellen wir Ihnen einen Raum mit Tisch und Stühlen bereit. Bringen Sie ihre Speisen und Getränke einfach mit. Sie können den Kindergeburtstag sogar in der Grube feiern. Bei schönem Wetter können wir Tisch und Stühle draußen aufstellen.

MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE

Musée National des Mines de Fer Luxembourgeoises

1, rue des Mines
L-3714 Rumelange

Tel: +352 565688
Fax: +352 26560503

www.mnm.lu
info@mnm.lu

VOTRE BANQUE.
ET EN PLUS DES
AVANTAGES GRATUITS.
DEVENEZ MEMBRE ET LES AVANTAGES
OPERA PLUS SONT GRATUITS PENDANT UN AN.
En tant que principale banque coopérative au Luxembourg,
nous redonnons à ceux qui nous font confiance.
Visitez raiffeisen.lu pour en savoir plus.
LA BANQUE QUI APPARTIENT À SES MEMBRES
Raiffeisen
Banque Raiffeisen, société coopérative


moving people,
moving school.
Ensemble vers de nouvelles aventures !
Solution de mobilité pour le transport scolaire par Sales-Lentz.
sales-lentz.lu
Testez notre configurateur de voyage sur
rentmybus.lu
Sales-Lentz
moving people

Op Visitt an enger PASS-KLASS!

... virun der Covid-Kris ...

Auteur : Carole Berend

Viru 5 Joer koum de Marc Barthelemy vum Script op de Lycée des Arts et Métiers duer a wollt e Projet fir d'« Voie de Préparation » an d'Liewe ruffen. Säitdeem leeft de Pilot-Projet « Pass-Klass » mat jeeweils enger 6e an enger 5e zu Dummeldeng am Lycée des Arts et Métiers (LAM) an ass op Schüler mat grousse Léier-, Konzentratiouns-, an och deelweis Verhalensschwieregkeeten zougeschnidden. Bei der nächster Rentrée gëtt dëse Projet ee feste Bestanddeel vun der Offer an der « Voie de Préparation » am LAM. PASS steet fir « Projet d'Apprentissage Sur Scène ». D'Zil ass et, de Schüler iwwert eng stänneg Begleedung an en anert Schaffen erëm ze motivéieren.

Fir de Projet ze realiséieren huet de Lycée sech professionell Hëllef gefrot. Dëst an der Persoun vun der Madame Martine Conzemius. Si ass vu Beruff « Deviser » a « Performer » an huet hir Studien op der « Kent University of Canterbury » ofgeschloss. Well d'Theaterpedagogik ee Bestanddeel vun hirer Ausbildung ass, kënnt d'Madame Conzemius zweemol an der Woch op d'PASS-Klasse fir mat de Schüler Theateraktivitéiten ze maachen. D'Martine Conzemius

PASS steet fir « Projet d'Apprentissage Sur Scène ». D'Zil ass et, de Schüler iwwert eng stänneg Begleedung an en anert Schaffen erëm ze motivéieren.

huet an hirem véierjährege Studium souwuel deen theoretesche wéi och de prakteschen Deel vum Theaterberäich kennegeléiert. Dës Kombinatioun erlaabt hir d'Verständnis fir d'Theorie an d'Praxis doséiert ëmzesetzen. Momentan ass si engersäits als Clownerin [PƏʊ] ënnerwee. Anerersäits ass si « Deviser », iwwersat kann ee soen: Theatermaacherin.

Zweemol am Joer weisen d'Schüler d'Resultat vun hirer Aarbecht viru Publikum. D'Schüler schreiwen an entwéckelen d'Stécker zesummen ënnert der Leedung vun hiren Haaptenseignantë Carole Berend an Anna Rausch. Nët nëmmen Theaterstécker schreiwe gehéiert dozou, mee och d'Baue vum Bünebild,

D'Martine Conzemius ass vu Beruff « Deviser » a « Performer ».

Nët nëmmen Theaterstécker schreiwe gehéiert dozou, mee och d'Baue vum Bünebild, d'Kreatioun vun de Kostümer, d'Sonorisatioun, d'Werbung an natierlech déi ganz Diktioun. D'Schüler léieren iwwer dëse Wee souwuel schoulesch wéi och ganz vill sozial Kompetenzen.

« Stellt mam Kierper eng Skulptur duer! »

d'Kreatioun vun de Kostümer, d'Sonorisatioun, d'Werbung an natierlech déi ganz Diktioun. D'Schüler léieren iwwer dëse Wee souwuel schoulesch wéi och ganz vill sozial Kompetenzen.

« Dëse Wee an d'Léier, wou de Schüler ofgeholl gëtt wou e grad steet, ass een änleche Wee, wéi deen, deen e mécht fir bis op d'Bün », esou d'Martine Conzemius, déi zënter Januar 2018 um Projet matschafft. « Si entwéckelen dat Kierperbewosstsinn, wat hinnen dacks feelt. Si léieren am Team ze schaffen, net esou vill ze vergläichen, mee méi ze maachen. Deemno wéi staark d'Klass ass, kënnt d'Verbesserung vum Sproochausdrock derbäi: ugepassten Tempo, Lautstäerkt a präzise Vokabulär, gehéieren zum Alldag a musse reegelméisseg widderholl ginn. »

Mam Spill an der Improvisatioun entwéckelen d'Schüler aus dem LAM mat Hëllef vun der Theaterpedagogin hire Moment fir op der Bün. D'Schüler erfannen hir Stécker selwer. « Si erfannen d'Geschichten, baséierend op d'Themen, déi si grad beschäftegen. Da kënnt derbäi, dass jee nodeem wéi e Module si nach erreeche mussen, si zum Beispill, déi Sprooch, an där si méi schwaach sinn, op der Bün benotze sollen. Wärend dem Optrëtt schwätzen déi eng Schüler op Däitsch, anerer eventuell op Franséisch, Lëtzebuergesch oder souguer och op Englesch mateneen. »

D'Optrëtter veränneren de Bléck vun den Elteren op hir Kanner an de Schüler op sech selwer. Si sinn extreem stolz op hiert Endprodukt a genéissen den Applaus vum Publikum. Si kréien d'Bestätegung, dass si ganz vill Potenzial a Fäegkeeten hunn.

Oft ass de Gebrauch vu Friemsproochen eng Barrière fir d'Schüler an iwwert den Theater gëtt hinnen des Angscht geholl. D'Schüler drénken 3 Mol an der Woch zesumme Kaffi. Dëst ass eng aner Method fir si un d'Schwätzen ze kréien. Méindes maache si dobäi d'Gespréich op Franséisch, mëttwochs op Lëtzebuergesch a freides op Däitsch.

Um perséinlechen Niveau hëlleft d'PASS-KLASS de Schüler och nees hiert Selbstvertrauen opzebauen. Et geet drëms fir si ze stäerke, fir dass si sech herno um Aarbechtsmarché zurechtfannen a sech adaptéiere kënnen.

„Villes leeft iwwert den « Apprentissage concret », déi Saachen, déi si och an hirem spéidere Liewe brauchen", esou d'Carole Berend, déi dëse Projet vun Ufank u begleet.

Op der PASS-KLASS léieren d'Schüler viru frieme Leit opzetrieden an ze performen. Dëst brauche si och spéiderhin an hire Virstellungsgespréicher beim Patron.

De Schwéierpunkt op der PASS-KLASS läit um mëndlechen Ausdrock.

„Villes leeft iwwert den « Apprentissage concret », déi Saachen, déi si och an hirem spéidere Liewe brauchen", esou d'Carole Berend, déi dëse Projet vun Ufank u begleet.

An der PASS-KLASS gëtt net nëmme wärend den Theaterstonnen, mee och soss vill mat Beweegung geschafft. Si schaffe ganz vill nom Konzept: „die bewegte Schule". D'Schüler hu Schwieregkeete roueg an der Bänk sëtzen ze bleiwen, sech iwwert eng länger Zäit ze konzentréieren, dofir gëtt ofwiesselnd mat verschiddenen Aarbechtsmethode geschafft. Et gëtt ganz vill op spilleresch Aart a Weis geléiert.

Et gi vill Aktivitéiten dobaussen an der Natur gemaach, well si an hirer Fräizäit vill doheem bleiwen a vill op der Spillkonsol an dem Handy sëtzen.

D'Carole Berend an d'Anna Rausch setze sech mat Läif a Séil fir dëse Projet an. « Et ass extrem wichteg, dass een d'Schüler kennt a se versteet. Si brauche vill Opmierksamkeet. » Dofir enseignéiert an de PASS-KLASSEN de Regent wärend 20 Stonnen, begleet vun engem aneren Enseignant. Sou kann ee besser op d'Bedürfnisser vun all Schüler agoen. D'Evaluatioun gëtt iwwert d'Observartioun gemaach. Deen zweeten Titulaire ass do fir de Schüler ze beobachten an ze bewäerten.

Dem Martine Conzemius säi Fazit: « Et mécht Sënn! Dat wat ech geléiert hunn, an nach ëmmer weider léieren, kann ech weiderginn u Leit, déi domat weiderkommen. Et ass natierlech fir d'Schüler

Hei gëtt un der nächster Opféierung geschafft zum Thema « Krimi ».

« Et ass natierlech fir d'Schüler ustrengend an eng grouss Erausfuerderung, mee den Optrëtt um Schluss vum Schouljoer entschiedegt all d'Efforten, déi d'Schüler gemaach hunn an ass souzesoen d'Kréinung! », esou d'Martine Conzemius.

ustrengend an eng grouss Erausfuerderung, mee den Optrëtt um Schluss vum Schouljoer entschiedegt all d'Efforten, déi d'Schüler gemaach hunn an ass souzesoen d'Kréinung! »

D'ganz Equipe vun de PASS-KLASSEN ass besonnesch houfereg, wann hir Schüler sech souwuel schoulesch, wéi och um soziale Plang weider entwéckelen. Dat spigelt sech an deene verschiddene Stagen an Optrëtter iwwert hire Parcours vun 2 Joer zeréck, wou eng ganz gutt Resonanz vun de Patrone kënnt.

D'Carole Berend hält zënter 20 Joer Schoul. Si ass Enseignante an der « Voie de préparation » am Lycée des Arts et Métiers zu Dummeldeng.

Buchtipp

Auteur : Vanessa Schetgen

Digitale Medien und Unterricht

Eine Kontroverse

von Paula Bleckmann und Ralf Lankau (Hrsg.)

Interessant fir Enseignanten aus dem Précoce, C1 bis C4, VP, fir I-DS, I-CN

Fir Eltere vu klengen a grousse Kanner

An de leschte Wochen hu mir eis all, op déi eng oder aner Manéier mat dësem Thema ausernee gesat: Wéi wichteg sinn dann elo déi digital Medie fir d'Schoul? Wat bréngt et de Kanner? Hunn ech selwer genuch Kompetenzen an deem Beräich? Ass dat elo de Wee fir d'Zukunft oder hätte mir awer besser un enger traditioneller Form vun Unterrecht festzehalen?

Ech hunn dëst Buch erausgesicht, well et d'Thema op eng kritesch Aart a Weis vu verschiddenen Auteuren, jeeweils aus ënnerschiddleche Bléckwénkelen, duerchliicht. Dobäi geet d'Buch esou wuel op d'Virdeeler vun den digitale Medien an, an hieft verschidde Potentialer ervir; et ginn awer och Risiken a Geforen ernimmt an erkläert.

D'Kapitele kënnen eenzel an onofhängeg vunenee gelies ginn, et kann also jiddweree sech dat eraussichen, wat engem am interessantsten erschéngt. Sief dat e «best practice» Beispill aus Däitschland, d'Kapitel iwwer Cybermobbing oder d'Konsequenze vu fréiem Mediekonsum op d'Entwécklung vum Kand.

D'Wichtegkeet vun enger gesonder Entwécklung vum Kand, déi op mënschlecher Interaktioun berout an op Erfahrungen, déi d'Kand an der realer Welt mécht, gëtt hei däitlech ervirgehuewen an ass quasi d'Konditioun «sine qua non» fir e spéidere gesonden Ëmgank mat de Medien.

De Bezuch zur Entwécklungspsychologie gëtt bal an all Kapitel hiergestallt. A wéi wäit huet de fréie Mediekonsum en Afloss op d'Konzentratioun vun de Kanner an op hir spéider kognitiv Leeschtungen? Wéi eng wichteg Prozesser am Gehier ginn duerch iwwerméissegen a virun allem vill ze fréie Mediekonsum un hirer gesonder Entwécklung gestéiert?

Nodeems e ganzt Joerhonnert divers Pedagoge reegelrecht gekämpft hunn, fir d'Kand an de Mëttelpunkt ze stellen, sech agesat hu fir eng Pedagogie, déi vum Kand ausgeet, stellt ee vun den Auteuren sech hei d'Fro, ob dat och an Zukunft weiderhin esou wäert sinn, oder ob elo éischter déi digital Medien an de Mëttelpunkt gestallt ginn … .

An den éischte Kapitele gëtt virun allem d'Fro opgeworf, wéi gläichzäiteg d'Chance vun der Digitaliséierung kënne genotzt, an awer och d'Risiken heivunner vermidde ginn. Zu de Risiken zielen d'Auteuren hei virun allem déi negativ Auswierkungen op déi kognitiv Entwécklung vum Kand, setzen sech awer och mat spéidere Suitten, wéi Suchtgefor a Cybermobbing auserneen.

Wat d'Potential vun den digitale Medien ugeet, hunn ech perséinlech aus dësem Buch besonnesch zeréckbehalen, dass déi als Ergänzung zum regulären Unterrecht virun allem der Differenzéierung kënnen zegutt kommen. D'Auteuren hiewen ervir, dass dräi Konditioune mussen erfëllt ginn: d'Enseignantë musse sech op didakteschem Plang d'Fro stellen, wat se iwwert d'Medie vermëttele wëllen, si brauchen déi néideg Formatioun fir dat kënnen ëmzesetzen an d'Schoule mussen déi technesch Viraussetzungen erfëllen.

Fir Eltere vu klenge Kanner awer och fir Enseignanten aus dem Précoce oder aus dem Cycle 1 ass vläicht eent vun de leschte Kapitele besonnesch interessant. Hei geet et drëm, mat wéi enge Mëttelen d'Werbeindustrie iwwert d'Kanner den Elteren hiert Konsumverhale beaflosst a wéi eng Roll hei «edukativ» Kannersendungen am Fernsee oder «edukativ» Spiller um Handy oder op der Tablett spillen.

Wéi ëmmer, vill Spaass beim Liesen!

D'Vanessa Schetgen ass Enseignante am Cycle1 an der Gemeng Hesper an éischt Vize-Presidentin vum sne/cgfp.

Tagebuch

Eva, 7 Jahre

Montag, den 17. Februar 2020

Hallo, da bin ich wieder! Seit Weihnachten hab ich dich nicht mehr geöffnet! Aber eins weiß ich ganz eindeutig: Ich verdank dich meinem großen Bruder Claude. Der ist schon 12. Er kann alles, weiß alles und darf alles. Im Gegensatz zu mir.

Jetzt aber sind Karneval Ferien! In der Schule durften wir uns verkleiden und es so richtig krachen lassen, tanzen und Spaß haben. Bis der Hausmeister kam. Ich weiß nicht, ob er mit uns oder Frau Brüll geschimpft hat! Jedenfalls war die Party schnell vorbei. Wir verbrachten den Rest vom Tag damit Konfettikörner vom Boden aufzuheben.

Freitag, den 13. März 2020

Heute war es ganz komisch in der Schule. Obwohl keine Ferien sind, hat Frau Brüll uns gesagt, dass eine Krankheit im Anmarsch ist und wir alle zur Sicherheit die nächste Zeit zu Hause bleiben sollen.



Einen Stapel Blätter hat sie noch jedem in den Schulranzen gesteckt. Ein paar Kinder waren schon gar nicht mehr gekommen.

Dienstag, den 24. März 2020

Jetzt bin ich schon etwas länger als eine Woche zu Hause. Papa auch, er hat sein Büro ins Wohnzimmer verlegt. Mama muss jeden Tag weiter zur Arbeit gehen. Papa ist jetzt auch gleichzeitig mein Lehrer. Er meint, seine Haare wären bald ganz grau. So schlimm ist das gar nicht. Wir arbeiten immer morgens und dürfen dann raus in den Garten spielen. Meine Lehrerin schreibt uns ab und zu und schickt die Verbesserungen.

Donnerstag, den 2. April 2020

Ich hab mir meinen Wecker auf 5 Uhr gestellt. Es ist noch dunkel. Sogleich schleiche ich mich ins Wohnzimmer. Dort steht ja Papas PC. Ich muss vor Claude da sein. Wir haben nur einen PC, aber wir beide müssen unsere Aufgaben dort erledigen. Es endet täglich im Streit. Ab 8 braucht Papa nämlich seinen PC bis 12 und dann wieder von 14 bis 17 Uhr. Papa ist sehr genervt wenn Claude und ich hinter seinem Schreibtisch campen um der Erste in der Reihe zu sein. Claude hat sogar seinen Schlafsack aus dem Keller geholt und wollte im Wohnzimmer schlafen. Als er gestern aber kurz vor 12 es nicht mehr ausgehalten hat und zur Toilette musste hab ich das ausgenutzt.Wir essen jetzt auch nacheinander. Jeder für sich, damit wir den PC optimal ausnützen.

Montag, den 6. April 2020

Unsere Lehrerin hat geschrieben. Wir sollen TEAMS benutzen. Was für eine geile Erfindung. Ich video-chatte jetzt praktisch die ganze Zeit mit meinen Freunden aus der Klasse. Zum Glück funktioniert das auch auf dem Handy. Nur blöd, dass ich Mamas Handy benutzen muss. Ich habe mich da von Claude hereinlegen lassen. Mama ist ja am Tag zur Arbeit. Abends kommt sie dann genervt nach Hause. Den ganzen Tag haben meine Freunde sie angerufen und ihr Nachrichten geschickt. Sie will mein Konto jetzt löschen. Brrr.

Kultur a Geschicht aus der Regioun.
Kreativ Ateliere fir Kanner.
De Musée «A Possen»
bidd kreativ Ateliere fir Kanner déi un der Kultur an der Geschicht aus der Regioun interesséiert sinn.
Mir bidden Wochen- an Themenatelieren souwéi individuell Offeren fir Schoulklassen un. Och e Kannergebuertsdag kann mat de Frënn am Musée gefeiert ginn.
Méi Informatiounen kritt Dir um Telefon: 23 69 73 53
Ufroen a Reservatiounen op: info@musee-possen.lu
Sinn Allergien bekannt? Denkt w.e.g. drunn eis dést bei all Kanneratelier matzedeelen!
APossen
Musée „A Possen"
2, Keeseschgässel
L-5405 Bech-Kleinmacher
Telefon (+352) 23 69 73 53
info@musee-possen.lu
www.musee-possen.lu

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!
sne
syndicat national des enseignants
cgfp

Alles fir ären Projet
Fachmoart
Robert Steinhäuser

Nous vous accompagnons dans votre développement personnel & professionnel.
CK
Charles Kieffer Group
CK Office technologies
Le partenaire expert des technologies de l'entreprise de demain
CK Sport & Fitness
Un suivi personnalisé, des infrastructures de qualité
2, rue Léon Laval
L-3372 Leudelange
Tél. +352 26 380 1
Fax +352 26 380 380
info@ck-group.lu
ck-group.lu
Charles Kieffer Group
healthy people,
healthy business

BUREAUTIQUE
ROSY WAGNER-BRAUCKMANN

25 YEARS 1984-2010

www.wagner-brauckmann.lu

Büromöbel
Schulmöbel
Spiel & Förderung
Gastronomie & Living
Terrassenmöbel
Aussenanlagen
Spielplätze
Spezialeinrichtungen
Laboreinrichtungen

Zenter méi wéi 25 Joer Ären Partner!

Bureautique Rosy Wagner-Brauckmann S.àr.l.
27, rue de la Barrière
L-1215 Luxembourg
Tél.: +352 44 88 08 1
www.wagner-brauckmann.lu



In diesem Buch habe ich meine Kindheit und Jugend neu erlebt. Ich erzähle von meinen Jahren als Lehrer in Bettemburg, von sonderbaren Professoren, skurillen Soldaten und abenteuerlichen Reisen in Europa und Südamerika. Sie erfahren auch, weshalb Auschwitz mich nicht mehr losläßt und Musik eine wichtige Rolle in meinem Leben spielt.

Die Liebe als Weg und Ziel, ist mein Leitmotiv. Deshalb sei auch an Menschen erinnert, die mir viel bedeutet haben u.a. Camille Gira, Johny Geisen und Jean Wagner. Meine Freunde Raymond Becker, Wolfgang Fleckenstein, Ingo Hanke, Camille Kerger und Mill Majerus (†2011) sowie der Schriftsteller Ulrich Schaffer bezeugen, was für sie Liebe bedeutet.

Duerch Iwwerweisung vu 17 Euro op de Kont
LU 41 1111 0364 4065 0000
vum Michel Schaack
kri dir d'Buch heemgeschéckt.

FOURNITURE POUR ECOLE - MATERIEL DIDACTIQUE
BRICOLAGE PAPETERIE - JEUX ET LOISIRS

Learning by doing

30, avenue François Clement
L-5612 Mondorf-les-Bains
Tél. : +352 26 67 19 25

www.lbd.lu
info@lbd.lu

LUXEMBOURG SCIENCE CENTER

UNE DÉCOUVERTE DU MONDE QUI NOUS ENTOURE

Le Luxembourg Science Center vous accueille dans un environnement de découverte ludique, interactif et spectaculaire. Conçu pour tout public! Gratuit pour les écoles publiques!

SHOWS

10 espaces thématiques de shows animés quotidiennement par des médiateurs scientifiques en 4 langues LU, FR, DE, EN

EXPLORATIONS

70 stations expérimentales à manipuler en libre accès et équipées d'écrans tactiles en 5 langues LU, FR, DE, EN, PT

INFOS ET RÉSERVATIONS | www.science-center.lu facebook.com/LuScienceCenter | +352 288 399 27 reservations@science-center.lu

sne éditions

Nous imprimons pour vous en offset & digital

- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite / Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant

www.sne.lu

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

shop@sne.lu
www.sne.lu

L'évasion est proche

LUX VOYAGES CGFP, une agence de voyage complète à votre service:
Pour vos déplacements de service ou privés à l'étranger
Voyages organisés
Billets d'avion, de train et de bateau
Réservations d'hôtels et d'appartements dans le monde entier
Tarif spécial pour les membres de la CGFP

OUVERT LE SAMEDI MATIN

LUX VOYAGES

25A, boulevard Royal (Forum Royal) • L-2449 Luxembourg
Tél. 47 00 47-1 • Fax 24 15 24 • e-mail: info@luxvoyages.lu
Ouvert du lundi au vendredi de 8 à 18 h et le samedi de 9 à 13 h

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Impressum

Rédaction:
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

Parution:
6 fois par an
Distribution gratuite aux
membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

Impression:
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

Publicité:
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.

La reproduction d'articles, même par extraits,
n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.
Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés
au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas
nécessairement l'avis du syndicat.

sne syndicat national des enseignants cgfp

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Bulletin d'adhésion : *

Je soussigné(e) :

Nom ..... Prénom ..... Date de naissance .....

Fonction (cf tableau en bas de page) ..... Promotion (année) ..... Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger .....

Commune / Localité de travail ..... Nom de l'école .....

Domicile : Numéro ..... Rue ..... Code postal ..... Localité .....

Adresse électronique ..... Téléphone / gsm .....

demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants sne/cgfp

Procuration : *

Je soussigné(e) :

Nom et prénom ..... Date de naissance ..... Catégorie : cf tableau ci-contre .....

autorise par la présente le Comité central du sne/cgfp à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte

Compte numéro .....

auprès de CCP / établissement bancaire .....

Date .....

Signature .....

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au sne/cgfp :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

Tableau des cotisations annuelles sne/cgfp pour les années 2019 et 2020 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

Catégorie	Fonction		sne + cgfp = Total	par mois	Assurance
Cat. A1 Cat. A2 Cat. A3 Cat. A4 Cat. A5 Cat. A6 Cat. A7	Institut. éducation préscolaire Institut. ens. primaire, spécial, EST préparatoire Institut. ens. ménager et familial autre ordre d'enseignement Chargé(e) de direction, chargé(e) de cours Chargé(e) de cours d'ens. relig. / éd. morale et sociale Chargé(e) de cours (institut. sans concours)		61 € +35 € = **96 €**	96 / 12 = **8 €**	RCpr comprise**
Cat. B	Ménage de 2 membres affiliés	I : 96 € II : 81 €	61 € + 35 € 46 € + 35 € = **177 €**	177 / 12 = **14,75 €**	RCpr comprise**
Cat.C	Communauté:	I : 96 € II : 81 € III : 81 € etc.	61 € +35 € 46 € +35 € 46 € +35 € etc. = ... €	..... € / 12 = ... €	RCpr comprise**
Cat. E	Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger:		**0 €**	**0 €**	---
Cat. R	Membre retraité: Ménage de 2 membres affiliés:	I : 94,64 € I : 94,64 € II : 79,64 €	59,64 € +35 € = **94,64 €** 59,64 € +35 € = **94,64 €** 44.64 € +35 € = **79,64 €**	94,64 / 12 = **7,89 €** 94,64 / 12 = **7,89 €** 79,64 / 12 = **6.64 €**	--- --- ---
Cat. S	Membre sans assurance:		59,64 € +35 € = **94,64 €**	94,64 / 12 = **7,89 €**	---

(*) Suivant statuts, la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en février seulement
(**) Montants assurés: 3 718 402,87 € par évènement assuré - 1 239 467,62 € pour dommages matériels
Assurances: LE FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE

« Den iPad an der Schoul »

Wéivill iPad'en fir wéivill Kanner ? Wat fir eng Accessoiren si fir d'Schoul sënnvoll ? Wéi kommen d'App'en op déi verschidde Geräter ? Wéi organiséiere mir d'Lueden, den Transport, d'Sëcheren, d'Ausléinen ? Ass eise Wifi-Réseau staark genuch fir mat den iPad'en ze schaffen ? Kënne mir d'Uschafung iwwert e puer Joer finanzéieren ? Wien hëlleft eis bei technesche Problemer ?

Bei dëse **Froen** a villen aneren, beréit a begleet lech **LINEHEART**.

Fir méi **Informatiounen**
kuckt op education.lineheart.lu
oder schéckt e Mail un
education@lineheart.lu.

LINEHEART
WE LIVE TECHNOLOGY

Lineheart s.à r.l. 1, rue Drosbach L-3372 Leudelange
T. +352 44 68 44 - 1 education@lineheart.lu

Solution Expert
Éducation

PERIODIQUE	P&T LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG	**Port payé** **PS/161**